1-2019-O-M-5795-01 (n°3181)

adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Jeff Engelen

Lëtzebuerg, den 06. Mee 2020

**MOTIOUN**

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- Europa am allgemengen a Lëtzebuerg am besonneschen, am Fall vun enger Kris – esou wéi et sech an där aktueller Corona-Pandemie leider weist – net déi néideg Autonomie am Gesondheetsberäich hunn, fir kënnen ouni Hëllef vu baussen d'Bevëlkerung medezinesch optimal ze betreien;
- Datt Europa grouss Deeler vu senger Produktioun u Medikamenter a medezineschen Equipementer iwwert déi lescht Joerzéngten a Staaten baussent der Europäescher Unioun ausgelagert huet an domat an en Ofhängegkeetsverhältnis vun deene Staaten geroden ass:
- Datt och d'Fuerschung an d'Entwécklung vu Medikamenter haut zu engem groussen Deel an ëffentlechen a privaten Instituter baussent der Europäescher Unioun stattfënnt.

ass sech dowéinst bewosst, datt et essentiell ass, datt

- Europa méi autonom operéiere kann, fir kënnen d'Bevëlkerung zouverlässeg medezinesch ze versuergen.
- Datt all Memberstaat vun der Europäescher Unioun kann a soll dozou e Bäitrag leeschten;

fuerdert d'Regierung op,

- eng Industrie- a Fuerschungspolitik ze fërderen, déi eng méi grouss medezinesch Autonomie vu Lëtzebuerg a vun der Europäescher Unioun erméiglecht an dohier konsequenterweis:
    - den Opbau vun enger Pharmaindustrie zu Lëtzebuerg an, méi allgemeng, an der Europäescher Unioun encouragéiert;
    - d'Fuerschung an d'Entwécklung am medezinesche Beräich substantiell verstäerkt, inklusiv natierlech am Beräich vun de rare Krankheeten, an am strikte Respekt vun deene strengsten deontologesche Reegelen,
    - d'Investitiounen an d'Medezin op der Lëtzebuerger Universitéit substantiell verstäerkt,
    - den Opbau vu Fakultéiten fir Biologie, Chimie, Biochimie (Molecular Life sciences) a Pharmazie op der Universitéit Lëtzebuerg bedreift;

- d'Orientéierung an naturwëssenschaftlech an a Gesondheetsberuffer als eng Prioritéit gesäit;
- d'Ausbildung am Beräich vun de Gesondheetsberuffer permanent verbessert;
- d'Unerkennung vum Wäert vun de Beruffer am Gesondheetsberäich an der Gesellschaft ze verbesseren an och dorop hinzewierken datt d'Aarbechtsbedingungen an d'Remuneratioun an deene Secteuren attraktiv a kompetitiv sinn;

- *de Luxembourg Institute of Health (LIH) ausbaut,*

- All weider Institutiounen an dem Beräich ënnerstëtzt, déi am Déngscht vun der Allgemengheet agéieren.

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique 20, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg